QP N°3458

CSV FRAKTIOUN

REÇU
Par Christine Wirtgen, 15:25, 15/01/2021

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 15. Januar 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro zu glyphosathalteg Produite bei der CFL un den Här Landwirtschaftsminister weider ze leeden.

Op meng parlamentaresch Fro N° 3284 vum 11 Dezember 2020 huet den Landwirtschaftsminister gesot, dass un asazfäegen Alternativen zu glyphosathalteg Produite bei der CFL géif geschafft ginn. Leider krut ech keng wieder Prezisiounen zu dësen Alternativen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

Wéi eng Alternative gi momentan vun der CFL benotzt? Sinn des chemescher oder physikalescher Natur?

1. Wann et chemesch Produite sinn, wéi eng Produite sinn dat genau a firwat ass de Choix doropper gefall?
2. Wéi ass de Stand bei physikaleschen Alternativen, z.B. dem Offlamen? Ginn dës och berécksiichtegt oder souguer ugewannt?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéierten

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 33/21
15 JAN. 2021
A traiter par:
Copie à:

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**
**Luxembourg**

Luxembourg, le 15 janvier 2021

Objet : Question parlementaire n° 3458 du 15.01.2021 de Madame la Députée Martine Hansen - Alternatives au glyphosate

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 08 FEV. 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°3458 du 15 janvier 2021 de l'honorable députée Madame Martine Hansen, concernant les alternatives au glyphosate, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Här Romain Schneider, Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°3458 vum 15. Januar 2021 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen iwwert d'Alternativen zum Glyphosat**

D'CFL mussen an enger Iwwergangsphase mat alternativen, zu Lëtzebuerg am Gleisberäich zougeloossene Planzeschutzmëttel d'Onkraut am Beräich vum Gleiskierper bekämpfen, well aktuell nach ëmmer keng Alternativ direkt asazfäeg ass. Et ass envisagéiert d'Produite "Chikara", "Genoxone", "Katoun Gold" an "Redialo" anzesetzen, well sech vun deenen dat bescht Resultat erhofft gëtt.

D'Pilot-Projeten déi evaluéiert ginn, sinn d'Bekämpfe vum Onkraut mat gliddegem Waasser, mat Elektrizitéit a mat Hëllef vu Feier. Dës Alternative ginn nach net ugewannt an et ass momentan nach ze fréi fir ze soen, wéini datt si asazfäeg sinn.